

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4868 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Diddeleng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Schummer, Koepp, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

### 3. Projet de loi 4868 relatif à la construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Dudelange

#### *Rapport de la Commission des Travaux publics*

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, am Koalitiounsaccord vum August 1999 verflachte sech déi zwou Koalitiounsparteien, d'Politik iwwert den drëtten Alter an de kommende Joren als eng prioritär Politik ze gestalten. Dëst begräift zwee Voleten. Zum enge besser Koordinatioun vun der Politik fir den drëtten Alter, wat am Konkreten heescht, dass eng besser Regruppéierung vun de Kompetenzen en matière vun dëser Politik unzestriewen ass. Zum anere gëllt et an den nächste Joren d'Besoinen un d'Kapassitéiten am Beräich vun de Logementer besser ze cernéieren an eng adequat Politik op dësem Niveau konsequent weiderzeféieren.

Aus enger Bestandsopnam, aus dem Joer 1989, ass engersäits ervirgaang, dass d'Quantitéit u Better wäit ënnert de Besoine läit, an dass anerersäits déi deemools besteeënd Strukturen net méi den Ufuerderunge vun haut um Niveau vum Confort a vun der Sécherheet entsprach hunn. A la suite vun där Etüd huet den deemolege Familljeministère, ënnert der Leedung vum Minister Fernand Boden, ee Programme national pour personnes âgées ausgeschafft, dee vun der Nofolgerregierung iwwerholl a vun der heitejer Regierung bestätegt a konsequent weidergefouert gëtt. Dëse Programm, deen eng ganz Rei vu Moosnamen enthält, entsprécht enger globaler Approche um Niveau vun enger adequater Politik vum drëtten Alter.

Éischt Zil war et, Strukturen an Dénsgschtleeschungen, déi ee méiglechst laangen Openhalt doheem erméiglechen, ze ënnerstëtzen. Et ass dorophin eng Vernetzung vun de Servicer wéi Soins à domicile, Repas sur roues, Téléalarme a wéi Foyer de jour, déi a verschidde Beräicher funktionéieren, iwwert d'ganz Land dezentral op- an ausgebaut ginn.

Iwwert de Wee vum Maintien à domicile soll alles gemaach ginn, dass déi eeler Leit sou laang wéi méiglech doheem bleiwe kënnen. Dat ass deene meeschten hire Wonsch, dat ass hire Wëllen, an et muss een hinnen hëllefen, dee Wonsch an dee Wëllen och verwierklechen

ze kënnen. D'Aféierung vun der Fleegeversécherung, och wann nach net alles grad sou funktionéiert wéi et misst, huet wesentlech dozou bäigedroen, dass de Maintien à domicile erlichtert gëtt.

Ee wichtegen Deel vum Programme directeur war zweetens, engersäits déi besteeënd Strukture vun Altersheimer ze moderniséieren an un d'Ufuerderunge vun haut ze adaptéieren, an anerersäits zousätzlecher ze schafen. Een neit Konzept ass erschafft ginn, an zwar dat vum Centre intégré, dat haut eng breet Zoustëmmung fënnt. Dëse Prinzip, deen ech net virzestelle brauch, huet sech a kuerzer Zäit bewährt an och duerchgesat.

An dësem Beräich ass an deene leschte Joren op staatlech a kommunalem, awer och um private Plang, mat Hëllef vu staatleche Konventionnementer, vill passéiert. Global ass feststellen, dass d'Zuel vun den Zëmmeren konstant an d'Luucht gaangen ass. Haut bestinn eng Ronn 4.500 Zëmmeren, wat 1% vun der Gesamtbevölkerung a 7% vun der Populatioun iwwer 65 Joer ausmécht. Domat leie mer virun de Länner déi ronderëm eis sinn.

Wéi weider den Donnéeën aus dem Rapport d'activité vum Familljeministère ze enthuelen ass, ginn à court terme nach weider 700 Unitéite geschafen, wouriwwer d'Mme Familljeministesch, déi och de Mëtteg hei ass, eis e puer Erklärungen an Informatiounen gi kann. Ernimme wëll ech och, dass d'Mme Familljeministerin an den Här Budgetsminister, net méi spët wéi virun aacht Deeg, mat véier Associatiounen a Fondatiounen Konventiounen vun iwwer 21 Milliounen Euro ofgeschloss hunn am Interesse vun deenen eeleren an handicapéierte Matbierger. Sou sollen an deem Kontext, zum Beispill, vun der Fondatioun Elysis um Kierchbierg ee psychogeriatreschen Zentrum mat insgesamt 77 Plazen, wouvunner 44 fir Leit, déi mat Demenz geplot sinn, gebaut ginn.

Net méi spët wéi haut lancéiert d'Mme Bauteministesch een Appel de candidature an der Zeitung fir den Ingeneering am Bezug op de Bau vun engem Centre intégré zu Déifferdeng, wou 80 Zëmmeren an 30 Appartementer gebaut ginn, souwéi och a Bezug op de Bau vun engem Centre intégré ze Rëmeleng, wou 60 Zëmmeren an 20 Appartementer entstinn.

Sinn also och nach eng Rei Schantercher a Projete lancéiert, sou därerf dat awer net driwwer ewechtäuschen, dass nach weideren Handlungsbedarf an dësem Dossier besteet. D'Evolutioun vun der Zuel vun den Demanden, déi ëmmer nach héich ass, quitte dass net jiddfereen, deen eng Demande mécht, direkt an ee Centre wëllt opgeholl ginn, an domat keng Urgence duerstellt, muss trotzdeem awer permanent suivéiert ginn. Bemierke wëll ech, dass doduerch dass d'Auswärtung vun den Demanden an engem Ministère, an zwar am Familljeministère, zentraliséiert ginn ass, de Suivi méi einfach a méi iwwersiichtlech ginn ass.

Des Weidere muss och besonnesch déi demographesch Entwécklung vun eiser Gesellschaft dauernd am A behale ginn. Den Undeel vun den eelere Matbierger an eiser Gesellschaft geet konsequent an d'Luucht. Dobäi kënnt, dass den Altersduerchschnitt vun de Leit, déi an enger Institutioun hire Liewensowend verbréngen wëllen, och ëmmer méi héich läit. Dat bedeit, dass de Grad vun der kierperlecher a geeschteger Ofhängegkeet vun de Leit, déi en charge geholl ginn, well dräi vun zéng Leit iwwer 80 Joer leiden haut ënnert Demenz, och ëmmer méi an d'Luucht geet, sou dass och deem Faktor beim Bau vun Altenwohnungen muss Rechnung gedroe ginn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, déi zwee Gesetzesprojeten 4868, iwwert de CIPA vun Diddeleng, souwéi de Gesetzesprojet 4869, iwwert de CIPA vu Wolz, wouriwwer mäi Kolleg Nico Loes nach wäert rapportéieren, integréiere sech an de Kader vun dëser ambitiöser Politik. De CIPA vun Diddeleng, wéi en an de Pläng definéiert ass, läit engem neien iwwerschaafte Konzept zu Gronn, dat de Pensionnairen et erlaabt, sou laang wéi méiglech een autonomt Liewen ze féieren. Et ass eng nei Wunnform, déi sech dem Pensionnaire senger Gesondheet a senger physischer Kapazitéiten upasst. Den neie Centre intégré huet duerfir zum engen öffentlech Zonen, déi d'Transitachse vum Centre duerstellen, an där an enger familiärer a gewinnter Ambiance sech den Alldag ofwéckelt. Dann huet en nach halleffentlech Zonen, déi de Séjour duerstellen. An drëttens huet e privat Raimlechkeeten, dat heescht déi privat Appartementer vun de Pensionnairen.

D'Appartementer oder d'Zëmmer si mat sanitären Aariichtungen équipéiert, déi no de perséinleche Besoine vun de Pensionnairen ausgericht sinn. De CIPA bitt och Soinen u vu lichte bis hin zu enger Ganzdagsfleeg an Assistance. Dëse Fall stellt sech zum Beispill, wann ee Pensionnaire am Laf vu sengem Openthalt eng Démence sénile kritt. D'Soinen, déi dee Pensionnaire muss an Ussproch huelen, müssen deeselwechte Qualitéitsgrad erfëllen, wéi dëst beispillsweis an enger Maison gériatrique de Fall ass. Och hei huet d'Fleegeversécherung eng wichteg Roll ze erfëllen an ass de Garant, dass, egal wéi d'soziaalt Ëmfeld vun deem eenzelne Pensionnaire ass, trotzdem jiddereen déiselwecht Fleeg garantéiert kritt.

De CIPA vun Diddeleng, deem zu 100% vum Stat finanziert gëtt, gëtt vum Etablissement public Servior gëréiert, deem 1998 kreéiert ginn ass an deem dem Ministère de la Famille ënnersteet. De Servior, deem de Moment néng Centre-intégrée gëréiert, huet d'Charge, nei Strukturen ze kreéieren, al Strukturen ze iwwerhuelen an ze gëréieren. En huet doriwwer eraus d'Aufgab, invalid eeler Matbierger en charge ze huelen, hinne bäizestoen an ze consultéieren. Hei kënne Leit aus dem ganze Land an deenen eenzelne Centren opgeholl ginn, dat heescht, dass kee vis-à-vis vun engem anere

prioritär, jee no senger geographescher Hierkunft behandelt gëtt, mä dass bei der Opnam vun engem neie Pensionnaire no der Urgence vum Fall gekuckt gëtt.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëllt a mengem Rapport iwwert de Projet de loi 4868 och op d'Antécédent vum dësem Projet agoen. Den 20. November 2001 huet d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, dëse Projet an der Chamber deponéiert an un déi zoustänneg Travaux-publics-Kommissioun weidergeleet. Den 22. November ass ee Rapporteur designéiert ginn an de Statsrot huet sech a senger Sitzung vum 11. Dezember 2001 mat dësem Projet befaasst an een Avis ofginn. An der Sëtzung vum 17. Januar 2002 huet d'Kommissioun de Gesetzestext an d'Pläng vum Diddelenger CIPA am Detail analyséiert an den Avis vum Statsrot duerchgeholl. An der Sëtzung vum 31. Januar 2002 huet d'Travaux-publics-Kommissioun de schrëftleche Rapport duerchgekuckt an eestëmmeg ugeholl.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wéi gesäit elo den technesche Volet vum dësem Bauprojet aus?

Déi jetzeg Maison de retraite vun Diddeleng ass op engem Areal vu 5 ha an der Rue Pierre Dupong, no beim Park Le'h situéiert. En éischt Gebai mat enger Wunnkapazitéit vu 50 Persounen ass am Joer 1953 gebaut ginn. Dëst Gebai ass 1977 vergréissert ginn. Zum géigewäertegen Zäitpunkt besteet dëse Komplex aus zwee Gebaier, déi duerch eng Passerelle matenee verbonne sinn. Mat dësem Gesetz sollen dës Gebailechkeeten, déi net méi zweckméisseg sinn, duerch een neie Centre intégré ersat ginn, deem dem neie Konzept vun engem encadréierte Logement entsprécht.

Den neie CIPA ass deemno an dräi Zonen opgedeelt. An zwar an eng Zone publique, eng Zone semi-publique an eng Zone privée, déi all, wéi ech scho gesot hunn, hir spezifesch Funktiounen ze erfëllen hunn. D'Gebai ass an zwee Fligel ënnerdeelt, ee West- an een Ostfligel, déi duerch een zentrale Block op véier Etage matenee verbonne sinn. Deen zentrale Mëttelblock schaaft zwee Bannenhäff, déi fir de Séjour commun bestëmmt sinn. Bei déi véier Etage kënnt de Sous-sol derbäi, wou sech déi technesch Raimlechkeeten an d'Kiche befannen.

Ze bemierken ass, dass et keng voll équipéiert Kichen ass, vu dass d'Hauptmölzechten aus enger Zentralkichen, déi am CIPA zu Esch installéiert ass, all Dag ugeliwwert ginn. D'Chaudière, déi am Sous-sol ageriicht ass a mat Gas bedriwwen gëtt, entsprécht de meisten techneschen Erkenntnisser an huet domadder ...

### ***(Coups de cloche de la Présidence)***

... ee ganz héije Wierkungsgrad. An der Kommissioun ass diskutéiert ginn, ob et net ubruecht wier, eng Cogénératiounsanlage virzugesinn. Vun den Expären ass erkläert ginn, dass de Volume vun de Gebailechkeeten dofir ze kleng an domat onrationell wier.

Ze bemierken ass, dass Sonnekollektore fir Waarmwaasseropbereitung um Daach vum Mëttelstéck vum Gebai installéiert ginn. D'Gesamtdaachkonstruktioun eegent sech net fir eng Photovoltaikanlag ze installéieren. Ech wëll och drop hiweisen, dass Konstruktionsdetailler vum Projet ganz explizit am Exposé des motifs beschriwwen sinn. Déi zwee concave Fligel hunn insgesamt op den dräi Etage jee 52 Zëmmer, déi alleguer eng Surface vun 30 m<sup>2</sup> hunn a mat den néidege sanitären Aariichtungen ausgestatt sinn. Op all Etage si véier grouss Openhaltsraum virgesinn, dat heescht ee pro dräizéng Zëmmer, wou d'Pensionnaire sech ënnereneen oder mat hirer Famill treffen kënnen.

Um Rez-de-chaussée befanne sech all déi Aariichtungen fir den zwëschemënschleche Kontakt, dat heescht den Hall, déi administrativ Büroen, Geschäfte, Cafeteria a Restaurant, déi och op si fir eeler Leit, déi nach net Pensionnaire am Centre sinn, d'Salle polyvalente, d'Librairie, de Coiffersalon an ee Centre socio-gériatrique, wou sech ëm Persounen gekëmmert gëtt, déi vun enger Demenz betraff sinn an ee speziellen Encadrement brauchen.

Am Zentralgebai tëschent den zwee Fligel befanne sech d'Entrée, duerch déi all Service zougänglech ass, den Accueil an d'Séjournen. Dësen Deel stellt zugläich de Mëttelpunkt vum Espace public duer. Wat d'Parkméiglechkeeten ubelaangt, sou ginn direkt nieft dem Hauptgebai fënnef Parkplaze fir Handicapéierter aménagéiert. 34 Plaze fir d'Personal a Visiteure ginn e bëssen abseits, niewent engem besteeënde Gebai am Ostdeel vum Site aménagéiert. Vu dass mat 34 Plazen nëmmen eng limitéiert Zuel vu Parkplazen zur Verfügung stinn, fir Personal a Visiteuren, ass d'Kommissioun der Meenung, dass et noutwendeg ass, eng adequat Accessibilitéit via öffentlechen Transport ze garantéieren. De Projet gëtt an zwou Phase realiséiert, déi éischt Phas gesäit de Bau vun 117 Zëmmer vir, an enger zweeter Etapp sinn 39 Zëmmer virgesinn.

Während der éischter Phas bleift déi al Maison de retraite bestoen. Nodeems d'Bauaarbechte vun der éischter Phas ofgeschloss sinn, ginn d'Pensionnairen aus der Maison de retraite an dat neit Gebai délogéiert.

Dorophon gëtt dat aalt Gebai ofgerappt an déi zweet Bauphase entaméiert. Déi traditionell Bauweis, no där de Bau opgeriicht gëtt, entsprécht den ekologeschen Normen, déi am Guide géologique vun der Bauteverwaltung verankert sinn. D'Alentouren vum Site ginn als Park aménagéiert. Dëse Park, deen elo schonn deelweis besteet, ass fir jiddfer Bierger accessibel, wat zur Beliewung vum ganze Site bäidroen wäert. Déi bestehend Plantatiounen ginn esou wäit wéi méiglech respektéiert. Zousätzlech ginn e Weiher, en Amphitheater an eng Spillwies fir Kanner am Park ugeluegt. Fir d'Pensionnairen aus dem Groupe gérontopsychiatrique gëtt en zouene kleng Park ugeluegt, dee mat Hecken ofgegrenzt ass. Dobäi kënnt eng Piste de santé fir eeler Leit, vun där nëmmen d'Pensionnairen aus dem CIPA profitéieren kënnen.

De Statsrot huet sech positiv zu dësem Projet geäussert a just eng Rei redaktionell Verbesserungen virgeschloen.

Wat de finanzielle Volet betrëfft, sou ass ze soen, datt sech de Prix unitaire vun engem Appartement inklusiv dem Mobilier an de speziellen Installatiounen op 235.500 Euro beleeft. Vu dass d'Gebai funktionell a lieweg, mä ouni grouss Luxus aménagéiert gëtt, ass dee Präis realistesch, esou ass eis vun de Responsable vum Projet verséichert ginn. Et wäerten also keng Depassementer ze erwaarden sinn, Iwwerraschungen sinn awer ni auszuschléissen.

### **(Hilarité)**

De Gesamtkäschtepunkt vum Projet de loi 4868 ass mat enger Zomm vu 47.099.770 Euro, also ronn 47,1 Milliounen Euro veranschlaagt. Den Indice semestriel des prix à la construction ass dee vun 1. Abrëll 2001 an ass bei 550,19 fixéiert. Et ass wichteg, dass dësen Indice festgehalen gëtt fir d'Baupréisevolusioun all Moment novollzéien ze kënnen, vu dass d'Bauzäit sech iwwer e puer Joer erstreckt, besonnesch well jo an zwou Etappen gebaut gëtt. D'Dépense ginn iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux ofgewéckelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass a groussen Zich dat, wat zu dësem Projet ze soen ass. Et ass e flotte Projet, dee vläicht e bësse wäit vum Zentrum vun Diddeleng ewech läit, deen awer duerch seng eemoleg an d'Natur agebonne Lag zousätzlech Atouten huet. Nieft schouleschen a kulturelle Projeten, déi mer a leschter Zäit fir d'Interesse vun der Allgemengheet an der Stad Diddeleng hei gestëmmt hunn, ass dëst en zousätzleche Projet am soziale Beräich, deen der Stad Diddeleng an der Émgegend zegutt komme wäert.

Ofschléissend bidden ech lech, dës wichtige Projet am Intérêt vun eise Matbierger vum drëtten Alter mat grousser Majoritéit ze stëmmen a ginn zu gläicher Zäit den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

### **Discussion générale**

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur merci soen, fir dee ganz komplette schrëftleche a mëndleche Rapport, deen en hei virgedroen huet, wat deenen anere Riedner dann d'Saach méi einfach mécht. Si brauchen dann nämlech net méi op de baulechen Detail vum Projet anzugeen.

Dat éischt, wat opfällt, ass d'Schnellegkeet, mat där d'legislativ Prozedur hei duerchlaf ginn ass. De 16. November huet d'Regierung de Bauprojet an der Chamber deponéiert, mol net e Mount méi spéit louch den Avis vum Statsrot do, den 31. Januar de Rapport vun där zoustänneger Chamberskommissioun, an eng Woch

méi spéit gëtt hei an der Chamber doriwwer diskutéiert an - wéi ech hoffen - och positiv ofgestëmmt. Et ass schnell gaangen an ech wënsche mer nëmmen, dass et mat der praktescher Ëmsetzung ähnlech schnell geet, an dass mer och zügeg mam Bau vun deem neie Centre intégré zu Diddeleng virukommen.

D'Iddi vun deem heite grouse Bauprojet geet eigentlech op d'Mëtt der 90er Joren zrëck. Et ass do, wou een éischt Spure fënnt, vun dem Bau vun engem neie Centre intégré fir eeler Leit zu Diddeleng. Déi konkret Planung ass an där leschter Legislaturperiod ugelaft a si ass zügeg an der éischter Halschecht vun där Legislaturperiod ofgeschloss ginn.

D'Grundlag vun deem heite Projet ass eigentlech eng duebel Bestandsopnam oder eng duebel Feststellung. Éischtens ass d'Noutwendegkeet festgestallt ginn, fir no an no och déi eeler Altersheemer, déi herno am Fong a Centre integréieren ëmfunktionéiert gi sinn, no enger moderner Konzeptioun nei ze gestalten, zweetens ass awer och d'Noutwendegkeet festgestallt ginn, zousätzlech Better fir déi al Leit ze schafen.

1951 bis 1953 ass un deem Diddelenger Altersheem geschafft ginn. Et ass sengerzäit mat grousem Pomp a Präsenz vun der Grande-Duchesse Charlotte ageweit ginn. Ech hunn dovunner nach Fotomaterial doheem, dat dat beleet. Et war sengerzäit ee vun deene modernsten Altersheemer am Land. Et huet méi wéi zwanzeg Joer gedauert, bis Enn der 70er Joren en zweete Fligel bäikomm ass. Et war nach ënnert dem Här Familljeminister Benny Berg, dass dee Projet ëmgesat ginn ass. Doduerch ass déi urspringlech Kapazitéit vu 50 Better op knapp 100 Better eropgesat ginn. Et bleift awer, dass et och mat deem neie Bau insgesamt eng Struktur war, déi, souwuel wat d'Konzeptioun wéi wat de Confort an d'Sécherheet ugeet, eigentlech eisen heiteg gängegen Normen net méi entsprécht. Et war also ganz logesch, dass am Raum Diddeleng - d'Stad Diddeleng eleng huet knapp 18.000 Awunner - also och eng nei Struktur fir déi eeler Leit gebaut sollt ginn. D'Optioun ass geholl ginn, fir dat op deem bestehende Site ze maachen, wat an eisen Aen eng glécklech Décisioun ass. Och, wann et während der Bauphas net einfach gëtt, well jo awer deen ale Centre intégré nach elo weider funktionnéiert, während der ganzer Bauphas vun e puer Joer. Dat gëtt organisatoresch, an och vum Impact op d'Leit hier, net einfach. Ech mengen awer, dass et eng richtig Décisioun war, well et en eenzegartege Site ass, wou dee Centre intégré steet. Et ass wouer, dass et net am Zentrum vun Diddeleng ass. Dat ass awer net onbedéngt en Désavantage. Et läit an engem Wunngebeit dran, mä um Rand vun der Bauzon, dat heescht, dass et ganz no um Gréngs an um Park Le'h ass. Doraus ergi sech awer och eng ganz Rei vu Méiglechkeeten.

Wat d'Ubannung un den öffentlechen Transport ugeet, wëll ech d'Membre vun der Kommissioun berouegen.

Op 150 Meter hues du de Citybus, deen zu Diddeleng funktionnéiert, sou dass also all Garantien do sinn, fir dass a relativer Proximitéit eng Ubannung vun där Infrastruktur do un eist öffentlecht Transportnetz zu Diddeleng besteet.

Mir haten och d'Chance, dass relativ vill Terrain - knapp fënnef Hektar - hei zur Verfügung ass. Déi Hektare ginn net alleguer bebaut, mä et bleift genuch Gréngfläch, fir e grouse Park uleeën ze kënnen. Et ass gutt, dass do en zousätzlechen Effort gemaach gëtt, zu deem, wat haut do besteet. Mir schénge virun allem awer déi Iddi ganz wichteg a richtig ze sinn, dass déi Struktur net nëmmen no bannen integréiert soll sinn, mä och no baussen; dat heescht, dass dee Centre intégré keng Insel an der Stad Diddeleng soll sinn, mä e soll een Deel vun dem Quartier an der Stad sinn. Dohier ass och d'Iddi fir dee Park net nëmme fir d'Awunner vum Centre an hire Visiteuren ze reservéieren, mä fir e fir de ganze Quartier opzemaachen. Dat léisst sech ganz flott an d'Bild vun deem rengen Wunnquartier do integréieren, mat der Ubannung un d'Gréngfläch ausserhalb vum Bauperimeter.

De Projet bréngt och mat sech, dass u sech d'Kapazitéit eropgesat gëtt. Si geet ëm knapp 60% an d'Luucht, vun elo knapp 100 Better op insgesamt 156 Better. Och dat ass sécherlech kee Muttwëll. Mir kennen d'Wardelëschten, déi an deem dote Beräich zu Lëtzebuerg bestinn, an dat ass och am Süde vum Land net anescht wéi an deenen anere Géigenden.

Verbesserunge kommen also a sämtleche Beräicher: De Confort, d'Sécherheet, d'Offerte vun Aktivitéiten a Prestatiounen, déi do an engem modernen, funktionelle Kader ausgefouert kënnen ginn.

Interessanterweis ass hei och eng Optioun geholl ginn, fir un der traditioneller Bauweis eigentlech unzeknäppen an net eppes Futuristesches opzebauen, an deem déi eeler Leit vläicht Schwierigkeeten hätten, sech direkt erëmfannen. Et gëtt jo e relativ grouse Bau mat véier Niveauen. Wichteg ass menger Meenung no, dass dee Park och weider notzbar bleift, wéi et haut schonn de Fall ass. Dee Park gëtt zum Deel benotzt fir eng Rei vu Fester, déi do stattfannen, wat och en Zeeche vun Opmaachen no baussen ass. Et soll een also och Suerg droen, dass bei alleguer deenen Aménagementen, déi an deem Park do gemaach ginn, genuch fräi Fläch bleift, fir flexibel dat eent oder dat anert Fest mat deene Leit vum Centre intégré oder mat anere Veräiner zesummen, déi vu bausse matschaffen, organiséieren ze kënnen.

De Fliggel aus de 70er Jore bleift am Endeffekt bestoen a suergt dofir, dass déi al Kapazitéit erhale bleift.

Eng Suerg, déi och zum Virschäin an deem Dossier komm ass, ass déi vun den ekologesche Kritären, no deene sou wäit wéi méiglech gebaut soll ginn. Et wäert sech hei no de Richtlinie gehale ginn, déi am Bauteministère bestinn, wat d'ekologeschen Bauen ugeet.



Et ass och gekuckt gi fir d'Notzung vun der Sonnenenergie mat anzebauen, duerch d'Ubränge vu Solar-kollektoren, déi dozou déngen, d'waarmt Waasser opzebereeden.

Leider ass dovunner ofgesi ginn, fir e Blockheizkraaftwierk ze bauen, well dat sech, de Berechnungen no, déi gemaach si ginn, vun der Gréisst hier net rentéiere géif. Dat muss een dann esou akzeptéieren. Et ass ee jo ëmmer e bësse machtlos, wann d'Techniker bis esou en Urteel schwätzen. Mir hätten dat als Diddelenger Gemeng gäre gesinn, well mer an deem Beräich eng gewëssen Erfahrung hunn. Mir hunn zu Diddeleng ganz Quartieren un e kollektivt Wärmenetz ugebonn. Mir hätte gären en zousätzleche Schrëtt an déi dote Richtung gemaach.

Zu Diddeleng limitéiere mer eis natierlech net op déi fest Strukturen. Et ass wichteg, dass een niewent deene schwéiere Strukturen, wéi engem Centre intégré, och eng ganz Panoplie un anere Betreuungs- a Begleedungsforme fir déi eeler an al Leit offréiert. Do ass et esou, dass virun enger Rei vu Joren e Vakuum an deene méi lichte Strukturen entstanen ass, doduerch dass déi gëlle Joren net méi a bestehenden Altersheemer fonctionnéiere konnten. Mir sinn awer sou wäit eens mam Familljeministère, dass mer vun dësem Joer un a Club Senior zu Diddeleng fonctionnéiere loosse. D'Lokal ass scho vun der Gemeng kaf ginn, mir hunn och schonn als Gemengerot déi néideg Fonctionnementskreditter an eise Budget 2002 gestëmmt, soudass dat zousätzlech zu där schwéier Infrastruktur a virdru schonn un d'Lafe ka kommen.

Nieft enger aktiver Amiperassektioun an enger aktiver Alterskommissioun, déi ganz vill Déngschtleschtunge fir déi eeler Leit an der Gemeng offréieren - d'Déngschtleschtunge wéi Repas sur roues, Téléalarme - kënne mer dann zu Diddeleng, wann de Centre intégré, no modernste Konzeptione gebaut, nach dobäikënn, eigentlech déi gesamte Panoplie vun Déngschtleschtunge fir déi eeler Leit offréieren. Dat alles ass och op eng flott Partnerschaft tëschent der Gemeng Diddeleng an dem Stat, dat heescht besonnesch dem Familljeministère, zréckzeféieren. Dat Verhältnis war virun 1999 gutt an huet sech och zënterhier eigentlech net verännert. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat och mam Bauteministère net anescht wäert sinn.

Zwou kleng Bemierkunge wollt ech nach zum Schluss maachen, wat de Projet de loi selwer, respektiv d'Gestioun ugeet. Et hätt ee vläicht bei der Formulatioun vum Projet de loi de leschte Bauindex materunhuele sollen. Mir hu lo am Intitulé hei de Bauindex vum 1. Abrëll 2001. Do ass awer sechs Méint méi spéit nach e semestrielle Bauindex erfall, dat war virum Avis vum Statsrot. Ech hätt einfach vun der Form hier besser fonnt, wann ee schonn e Gesetz mécht, de leschte verfügbare Bauindex dranzeschreiwen, an net deen, deen eigentlech

scho vun anere Bauindexen iwwerholl ass. Dat hätt méi e realistesch Bild vun deem Ganze ginn.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Da wier den Devis awer direkt schonn an d'Luucht gaangen, Här Bodry!

**M. Alex Bodry (LSAP).**- E wier selbstverständlech an d'Luucht gaangen, en hängt jo um Bauindex.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Dann hätt een en Amendement maache mussen.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- De Conseil d'Etat hätt et maache kënnen, mä dat ass net geschitt, an et soll eis keng gréisser Pépinnen hei maachen.

Eng zweet Bemierkung, déi ech zum Schluss maache wollt, betrëfft d'Gestioun. Et ass am Fong éischer eng Suggestioun un de Familljeministère. Mer ginn hei ganz wäit mat neie Raimlechkeeten a Servicer. Et wier vläicht och gutt, nei Iddien duerchzesetzen, wat d'Gestioun vun esou engem Centre intégré ubelaangt. Ech mengen, et misst eis Suerg sinn, dass mer déi eeler Leit sou wäit wéi méiglech an d'Gestioun materunzéien, an enger Infrastruktur, an där si jo schliesslech liewen. Matbedeelegung, Partizipatioun vun deenen eelere Leit um Liewe vun esou engem Centre intégré wier ganz wichteg.

Et soll ee si esou wäit wéi méiglech net op eng passiv Roll beschränken, mä hinnen d'Méiglechkeete ginn, duerch eng oppen Aart a Weis wéi een d'Gestioun dagdeeglech concipéiert vun engem Centre intégré. Hinnen also och do eng aktiv Roll an deem Ganzen zouuerdnen, wou se kënnen eege Responsabilitéiten iwwerhuelen an hir eegen Iddien och erabréngen an de Programm vun de Veranstaltungen, an der Fräizäitgestaltung, an de Logement an a Verfleegung, jee alles wat sech an der Gestioun esou stellt. Dat géif, mengen ech, ganz gutt zu deem Ganze gehéieren. Dat wär e bësschen d'Kiischt um Kuch fir deen dote Projet, deen eis Fraktioun selbstverständlech wäert stëmmen.

Merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

**M. John Schummer (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer un éischer Stell dem Rapporteur, dem honorablen Här Nicolas Strotz, fir säi mëndlechen esou fir säi schrëftleche Rapport merci ze soen.

Et sinn eng ganz Partie Saachen de Projet betreffend elo scho gesot ginn, och vu mengem Virriedner dem Här Bodry, wat mir et eigentlech erméiglecht, just op e puer Considératiounen méi genereller Natur anzegoen.

Bei dësem Projet de loi geet et also drëms, zu Diddeleng en neie Centre intégré pour personnes âgées ze bauen, deen der demographescher Evolutioun vun eiser Bevölkerung, mä awer och de Gegebenheete vun eiser Zäit gerecht gëtt.

D'Tatsaach, dass d'Leit haut méi laang liewen, an d'Evolutioun vun eiser Gesellschaft bréngen et mat sech, dass d'Konzept vun der Altersfleeg permanent muss iwwerduecht ginn. Vill Leit liewen haut bis an den héijen Alter, esou wäit hir Gesondheet et erlaabt, bei sech doheem, an oft ass et och esou, dass, nodeems ee vun deenen zwee Partner aus dem Stot gestuerwen ass, weiderhin deen iwwerliewenden a sengem Heem wëllt weiderliewen.

Dat ënnerstëtzt dës Regierung jo och, andeems se eiser eelerer Generatioun eng ganz Rei vu Servicer ubitt, déi hinnen den Alldag erlichtere sollen, an déi hinnen et och erlaben, esou laang wéi méiglech an hirem Heem eens ze ginn. Mir kennen déi Servicer jo allegueren: de Repas sur roues; den Telealarm, deen et de Leit soll erlaben, quasi duerch e Knappdrock ëm Hëllef ze ruffen. Dat ass wierklech eng gutt Léisung, wat d'Primärfonctioun vun dem Telealarm ubetrëfft, mä awer och aus psychologesche Grënn, well dat de Leit eng gewësse Sécherheet gëtt. Ausserdeem kann op d'Soins à domicile zrëckgegraff ginn an op d'Foyers du jour, wou d'Leit am Dag kënnen higoen, andeem se nach an hirem Heem weider kënnen wunnen.

Dës sinn alles Mesuren, déi et eiser eelerer Generatioun erlaben sollen, e Liewenswond ze verbréngen, dee wäitgehendst hiren eegene Virstellungen entsprécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fréier sinn d'Leit nach méi bei hir Kanner wunne gaang, wa se net méi eleng konnte sinn. Dës Tendenz ass haut éischter awer esou, dass d'Leit méi laang bei sech doheem wëlle bleiwen an dann zu engem gewëssen Zäitpunkt décidéieren, an e Centre intégré wunne wëllen ze goen.

De Centre intégré huet aus deem Grond d'Missioun, der gesondheetlecher Evolutioun vu senger Pensionnaire gerecht ze ginn. De Prinzip, nodeems d'Leit eng esou grouss ewéi méiglech Autonomie behale sollen, a Fonctioun vun hirem gesondheetlechen Zoustand, soll an deem neie Centre intégré duerch déi néideg Infrastrukturen erméiglecht ginn.

D'Leit ginn esou wäit assistéiert ewéi se dat néideg hunn an dat och wëllen. Si behalen de Kontakt mat der Gesellschaft duerch d'Butteker, d'Restauranten an aner Servicer, déi um Rez-de-chaussée ageriicht sinn, a wou se och Leit vun der Famill oder aner Frënn kënnen op Besuch kréien.

Och erlaben déi méi grouss Appartementer ee méi grouse Confort par rapport zu deene vum ale Centre intégré, wat et de Leit och erlaabt, deene Raimlecken, an deene se wunnen, eng perséinlech Note ze ginn, fir datt se sech méi doheem fillen.

D'Gemeinschaftsraum op all Stack erlaben et och, dass sech d'Pensionnairen a méi engem klengen Krees, jee no hirem Wëllen, kënnen ophalen an doduerch de Kontakt am deegleche Matenee méi agréabel gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et steet ausser Fro, dass meng Fraktioun dëse Projet de loi stëmme wäert an ech wëll domat, wéi gesot, och den Accord heizou bréngen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Den Här Gast Gibéryen ass als nächste Riedner agedroen. D'Wuert huet den Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Néckel Strotz merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, de Rapporteur huet hei déi technesch Detailer ...

*(Interruptions et hilarité)*

Wat gelift?

**Une voix.**- Dir wunnt dach wäit vun Diddeleng ewech.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, dat ass awer elo guer net wouer.

*(Hilarité)*

Ech mengen, wann een no bei Diddeleng wunnt, da si mir et.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Här President, ech hunn esou dat Gefill, ewéi wa se sech hei alleguer ...

**M. le Président.**- Här Gibéryen, fuert weider!

**Plusieurs voix.**- Ah!

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech hunn dat Gefill, ewéi wa se sech hei géifen alleguer drëm streiden, fir Fréiseng bäizekréien.

Ech wëll awer soen, dass Fréiseng net un Diddeleng ustéisst, an och net u Beetebuerg, mä d'Reiser Gemeng, déi spléckt déi Gemengen alleguer, well d'Reiser Gemeng - wat vill Leit net wëssen - ass eng Grenzgemeng, déi stéisst u Frankräich tëschent Diddeleng, Beetebuerg a Fréiseng un. Dat just derbäi.

Wéi gesot, merci dem Kolleeg Néckel Strotz fir säin explizite schrëftleche wéi gesot mëndleche Rapport, deen eis erlaabt, datt mer net eis brauche mat deenen techneschen Detailer vun dësem Projet ausenaner ze setzen an ech och direkt ka virausschécken, datt mir als ADR-Fraktioun selbstverständlech dësem Projet wäerte bäistëmmen.

De Centre intégré, deen elo zu Diddeleng gebaut gëtt, ass e laange Wonsch, dee vun de Leit aus deem Eck gefuerdert ginn ass, an et ass och duerfir nëmmen normal, sou wéi dat länger Zäit an Diskussioun war, datt dee Projet haut hei zur Diskussioun steet, a mir wieren

selbstverständlech alleguer frou, wann dee Projet ka realiséiert ginn. No Schëffleng a Beetebuerg kréie mer dann elo dat, wat zu Diddeleng stoung, erneiert, a mir hunn dann e weidere grouse Centre intégré mat enger Capacitéit vun 156 Zëmmeren am Süde vum Land, wat méi wéi wichteg ass.

Sécherlech kann ee vläicht e puer Froen zu dem Projet selwer stellen, wou mer mengen, dass een hätt kéinte méi grosszügig sinn. Virun allem zum Beispill wat d'Parkplazen ubelaangt sinn am Fong nëmme 34 Parkplaze fir Visiteure virgesinn, 40 Plaze fir d'Personal, wat eiser Meenung no net onbedéngt duegeet.

Et soll een och mol vläicht eng Kéier e Wuert iwwert de Präis vun engem Centre intégré verléieren. Wa mer gesinn, datt mer op e Metercubespräis vu bal 25.000 Frang kommen, wat e relativ héije Präis ass, oder wa mer kucken, datt mer et op deenen 150 Zëmmeren ëmrechnen, da komme mer op 300.000 Euro pro Zëmmer oder op zwielef Milliounen pro Zëmmer. Et ass also quasi d'Investissement vun enger normaler Wunneng hei zu Lëtzebuerg, wat mer hei als Stat investéieren, fir een Zëmmer ze realiséieren. Et ass natierlech net op dat Zëmmer eleng bezunn, mä dat bezitt sech op déi gesamt Infrastrukturen, déi haut nun emol eben zu engem Centre intégré gehéieren.

Dobäi ass et positiv ze begréissen, datt an deem Projet och aner Infrastrukture mat erakommen, sief dat Geschäfte oder de Coiffeur, d'Pédicure, oder Installatiounen, déi bausse sinn, Parkinstallatiounen, Amphithéâtre, e kleng Waasserlaf, e Séi, Spillplazen, alles dat mengen ech gehéiert haut zu engem Centre intégré. Mä och muss een op där anerer Säit soen, datt ee weider muss an déi Richtung goen, well e Centre intégré ass jo am Fong d'Iddi, fir datt d'Leit nach gesond kënnen doranner kommen, also och nach kënnen viles matmaachen, an dofir stellt sech d'Fro, och wann haut d'Centre-intégrée gréisstendeels net mat deene Leit besat sinn - ech kommen nach dorobber ze schwätzen -, an dofir kann ee sech virstellen, ob een dat net ka mat enger Schwämm oder enger Schwämm am Haus verbannen, am Centre intégré, oder Fitness-Raum oder Keelebunn, jee Fräizäitgestaltung fir déi eeler Leit, fir datt se dat och kéinten an esou engem Haus maache bis hin zu enger Sauna, well ech mengen och haut Leit an deem Alter profitéiere gär vun all deene gesellschaftleche Geleeënheeten, déi haut jidder Mensch hei am Land als normal ugesäit.

De Centre intégré, sou wéi en hei proposéiert ass, fënnt eis Zoustëmmung, well en e Projet ass, dee wichteg ass, an et ass och e gudden Projet, a mir si frou, wéi gesot, datt deen an deem Eck vum Süden elo nei installéiert gëtt.

Mir mussen awer wëssen, och mat deem Bau, an do widderhuele mer eis sécherlech heibannen, gëtt de Problem vum Fleegeoutstand nach net geléist. Et ass

wichteg, datt mer dese Projet maachen, mer stëmmen et och elo. Et sinn der nach um Instanzewege. Mir hunn deser Deeg konnten aus der Press liesen, datt d'Familljeministes nei Konventiounen gemaach huet, an de Besoin, dee bleift och bestoen.

Schued ass et, datt mer keng konkret Zuele kréien, wéi vill Demanden mer u Leit hunn, déi wëllen an en Altersheim, respektiv an e Fleegeheim goen. Ech muss lech soen, datt eist Sekretariat an deene leschten Deeg an deene verschiddenste Ministere an Verwaltungen nogefrot huet, fir esou Chifferen ze kréien, mä si hu keng kritt. Ech weess elo net, ob déi Verwaltungen oder Ministere déi Chifferen net hunn, oder ob se einfach wëllen déi Chifferen net erausginn, well domadder vläicht offiziell nach eng Kéier géif confirméiert ginn, wéi grouss datt den Noutstand u Fleege- an Altersheimsbetter hei am Land ass.

Mir sinn op jiddfer Fall der Meenung, datt et net méi wéi normal wier, datt déi zoustänneg Ministère sech géifen zesummendoen, fir do kloer Chifferen eng Kéier virzeleeën, wéi grouss datt de Besoin u Fleegebetter hei am Land ass. Mir wëssen, datt dat net onbedéngt esou einfach ass, well et de Leit jo fräigestallt ass, hir Demanden ze maachen do wou se wëllen. Verschiddener maache se un eng Rei vun Haiser, verschiddener maache se och ganz fréi, ouni datt se onbedéngt wëllen an en Haus goen. Mer wëssen och, datt Leit heiansdo Plazen ugebuede kréien a se net unhuelen, well se soen: "Oh, ech hu mech emol gemellt, mä ech ginn awer nach net". Mä trotzdem misst een awer kënnen op méi konkret Chifferen zréckféieren, wat virun allem wichteg wier fir zukünftige Planungen an deem Wiesen.

Mir wëssen, datt mer haut 4.500 esou Better hunn, an datt nach ongeféier 700 Stéck solle kuerzfristeg kommen. Mir wëssen awer och, datt haut ee Véirel vun eiser Populatioun iwwer 60 Joer al ass, an aus dem Exposé des motifs vum Gesetz geet och ervir, datt am Joer 2030 een Drëttel vun eiser Populatioun iwwer dem Alter vu 60 Joer ass, esou datt de Besoin op Nofro an deenen nächste Jore sécherlech wäert klammen. A wa mer an deem Rhythmus virufueren, da kréie mer wahrscheinlech de Retard net opgefëllt, mä mir kréie mat deenen neien Haiser just d'Progressioun, déi an deem Domän ass, opgefaang.

### *(Interruptions)*

Also, nach eng Kéier: Mer wiere frou, wann d'Mme Minister eis haut vläicht kéint hei méi konkret Chifferen emol eng Kéier offiziell nennen, wéi de Besoin un der Demande fir Fleege- respektiv Altersheimzëmmerer wier.

Ee weidere Punkt, dee selbstverständlech eis muss an deem Zesammenhang interesséieren, dat ass d'Personal wat do schafft. Wa mer gesinn, datt d'Zuel vun den eelere Matbierger, déi mussen an engem Alters- oder Fleegeheim betreit ginn, klëmmt, da mussen mer och

wëssen, datt mer ëmmer méi Personal brauchen. Mir kënnen haut ons glécklech schätzen, datt mer an d'Grenzregioun konnte grase goen, fir ebe vun do aus e Personal ze kréien, wat an eisen Heimer schafft, soss hätte mer haut e groussen Noutstand och beim Personal.

Dat ass natierlech net esou einfach, well och déi eeler Leit dann dacks Kommunikationsproblemer kréie wat d'Sprooch ubelaangt, an dofir gi jo och Efforte gemaach an déi mussen och nach verstärkt gemaach ginn, ...

### **(Interruption)**

... datt dat Personal, wat aus de Grenzregiounen heihinner kënnt, verstärkt dozou geféiert gëtt, eis Sprooch ze léieren, fir sech mat den eelere Leit ze verstännegen.

Mä mir mussen awer och vläicht méi Campagnë bei eiser Jugend maachen, datt se dee Beruff do erléieren. Ech géif soen, et ass e criseséchere Beruff, an deen, deen an déi Profession erageet, dee ka quasi zu 100% sécher sinn, datt en och eng Aarbechtsplaz spéiderhi wäert fannen, well mer - wéi gesot - ëmmer do e Besoin un deene Leit do hunn.

Da musse mer och wëssen, datt déi Leit aus de Gesondheetsberuffer, déi an d'Centre-intégrée schaffe ginn, eng enorm schwéier Missioun do ze erfëllen hunn. Et ass sécherlech net llicht, dee ganzen Dag mat eelere Leit, déi vläicht och geeschteg net ëmmer ganz do sinn, ze schaffen. Dat ass wuel e noblen, mä et ass awer och e schwéiere Beruff, an et ass och dofir ze verstoen, datt d'Fleegeheimer an enger gewësser Konkurrenz sti vis-à-vis vu Spideeler oder Kannerklinicken, datt eng Infirmière oder eng Aide soignante éischer douzou tendéieren, an esou en Haus schaffen ze goen, wou de Beruff net esou schwéier ass, wéi et net onbedéngt vläicht an engem Fleegeheim de Fall ass.

Dofir musse mer d'Leit dohinner encouragéieren a mir mussen och hinnen déi finanziell Unerkennung zoukomme loossen, déi hirem Beruff gerecht gëtt. Doduerch datt mer net genuch där Haiser hunn, ass och d'Struktur, d'Zesummesetzung vun de Leit, déi an deenen Haiser sinn, net onbedéngt gesond. Mir wëssen, datt haut an deenen Haiser am Schnëtt zwee Drëttel Leit sinn, déi fleegebedürftig sinn, vun enger lichter Fleege bis zu enger 100%eger Fleege, an datt am Fong d'Zuel vun deene Leit, déi soss an en Altersheim eragaange sinn, déi dann nach gesond waren, mä déi net méi konnten onbedéngt eleng liewen, ofhëlt, datt déi also keng Plaze kréien, well déi Plaze gréisstendeels mat Fleegefäll beluegt ginn. Do hu mer dann och Haiser, wou déi Relatioun zwee Drëttel, een Drëttel emol net méi stëmmt, mä wou déi ganz grouss Majoritéit Fleegefäll sinn, a wat da fir déi aner Leit an deenen Haiser, déi nach keng Fleegefäll sinn, och net onbedéngt deen Optimismus opkomme léisst, wa se niewent lauter

Fleegefäll an engem Haus sinn. Och do misst een, mengen ech, wann ee méi Fleegebetter hätt, a wann ee méi Centre-intégrée hätt, déi Relatioun zu deene Leit verbessert kréien, zugonschte vun deene Leit, déi fréier am Fong gesot hunn: "Ech ginn an d'Altersheim". Haut kënnen déi Leit praktesch net méi dragoen, well déi Zëmmeren an deem Sënn net méi fräi sinn.

Et bleift also viles ze maachen. Ech mengen no der Aféierung vun der Fleegeversécherung, déi eiser Meinung no ganz gutt gelongen ass, huet sech viles verbessert, a virun allem wat d'Fleege doheem ubelaangt, a mir sollen och weider doranner investéieren, fir d'Leit esou laang wéi méiglech bei sech doheem ze loossen, da brauche mer manner Fleegebetter op där anerer Säit an et ass sécherlech och zum Wuel vun deene Leit.

Mir sinn also amgaangen an eng gutt Richtung ze goen, mir dierfen hei keng Brems ageheien. D'Besoinen, an der Zukunft, wäerten nach ëmmer grouss bleiwen, an dofir encouragéiere mer d'Regierung, weider an déi do Richtung ze investéieren, fir dass mer engesdaags wierklech eng 100%eg Ofdeckung kréien, fir dass jiddereen, deen an en Altersheim, respektiv an e Fleegeheim, oder wéi mir haut soen an e Centre intégré muss goen, och do eng Plaz kritt, wann de Besoin sech weist, a mir net méi brauchen déi Leit an Institutionen an d'Grenzregiounen ze schécken. Dat ass fir eist Land eng onwürdeg Situatioun. Mir mussen als Land do déi néideg Investitiounen opbréngen, well mir sinn där eelerer Generatioun zu Dank verpflichtet. An deem Sënn stëmme mir dese Projet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei eis an der Fraktioun kënnen och Net-Diddelenger iwwer Projete schwätzen, déi zu Diddeleng ausgeféiert solle ginn. Selbstverständlech wäerten déi Gréng hiren Apport zu deem Projet hei bréngen.

Et ass scho gesot ginn, zu Lëtzebuerg gëtt et ëmmer nach e grouse Manko, wat Alters- a Fleegebetter betrëfft, an dofir ass et fir eis eng Selbstverständlechkeet, fir och deem Projet zouzestëmmen.

Wann ee sech en allerdéngs méi no ukuckt, dann entdeckt een awer eng ganz Rei vun Detailpunkter, wou mir eis als Gréng Froe gestallt hunn, ob se Sënn maachen, respektiv ob hei net en Iwwerdenke vum Konzept noutwendeg wär.

Dat éischt, wat ech do ernimme wollt, dat ass d'Energiekonzept, wat hei ugewandt ginn ass. Do huet een erëm eng Kéier d'Impressioun, dass awer nach net esou vill geschitt ass um Niveau vun den Travaux publics, och wa mer versprach kritt haten, dass bei deenen neie Projeten, déi mer géife virgeluegt kréien, anescht mat deem Thema géif ëmgaange ginn.



Ech stelle fest, dass mer hei erëm eng Kéier eng Gasheizung hunn. Ech hat an der Kommissioun nogefrot, firwat een net kéint eng Cogénératioun an dat heite Gebai setzen. Do krut ech d'Äntwert, dat Gebai wär ze kleng. Wann een awer weess, dass méttlerweil et scho Cogénératiounen fir Eefamilljenhaiser gëtt, da muss ee sech awer d'Fro stellen, ob dat net eng komesch oder souguer eng absurd Argumentatioun ass, well dat Gebai hei huet ëmmerhi Plaz fir ronn 150 Leit. Dofir nach eng Kéier d'Fro, firwat een net hei op dee Wee geet?

Dann ass gesot ginn, et géif e Konzept integréiert gi fir Sonnekollektoren, déi awer just fir Waarmwaasser-opbereedung geduecht wäeren. Och hei d'Fro, wann et méiglech ass, Sonnenenergie ze notze fir Waarmwaasser-produktioun, wéiso dann eigentlech net fir Photovoltaik, well déi ass hei anscheinend erëm net virgesinn. Wann een dat eent ka maachen, da misst een eigentlech och dat anert kënne maachen. Do schéngt Froen opzestoen, wat dat Energiekonzept betrëfft.

Een zweete Punkt ass och schonn hei erwähnt ginn, dat sinn déi berüchtigt Parkplazen. Do ass an der Kommissioun gemengt ginn, net vu mir, mä vun anere Leit, et wäeren net genuch Parkplaze virgesinn. Et ass virdru schonn hei ugeklungen, dass et awer en öffentlechen Transport och gëtt, dee ganz gutt kënnt genotzt ginn.

Doriwwer eraus misst ee sech vläicht d'Fro stellen, ob een net och ka bei esou Zentren, a vläicht gëtt dat och scho gemaach, op de Wee goen, fir entweder Minibussen anzesetzen, wou d'Leit sech kënne féiere loossen, respektiv souguer op de Wee vu Car-sharing ze goen, well grad op esou Plaze géif dat absolut Sënn maachen, wou d'Leit net méi esou oft mam Auto fueren, mä wou se sech dann ebe kéinten Autoen deelen.

Ee Punkt, wou ech och e bëssen de Kapp gerësselt hunn, dat ass d'Saach mat der Kichen. Mir hunn hei erëm eng Kéier eng Kiche virgesinn, déi just ass fir d'lessen opzewiermen. Doru kann een angeblech näischt änneren, krute mer an der Kommissioun vun der Minister-in gesot, well dat esou an der Konventioun sténg. Mir sinn awer der Meenung, dass ee Konventiounen och kann esou gestalten, wéi de Stat dat fir sënnvoll gesäit. Ech erënneren drun, dass mer virun enger Zäitchen eng Proposition de loi vun den Häre Loes a Schank virgestallt kritt haten, déi am Fong quasi de Contraire seet vun deem Wee, deem hei erëm eng Kéier gaange gëtt. Ech wëilt anengems déi Fro stellen, net nëmme vun deem Widdersproch, deem hei besteet, mä och wat dann eigentlech mat där Proposition de loi elo ass. Do huet een d'Gefill, déi wär e bësse blockéiert. Vläch gëif et do emol Zäit ginn, dass déi Proposition kënnt hire Wee maachen.

Dann de Punkt vun de baubiologesche Materialien. Do ass virdru gesot ginn, an et steet och am Rapport ze liesen, dass hei géif no de Kritäre vum ekologesche Leitfaden gebaut ginn. Dat ass begrëssenswäert, mä an

deem ganz explizite Projet de loi, dee mer virgeluegt kritt hunn, konnt een awer noliessen, dass hei esou Saache benotzt gi wéi Aluminium, Styropor, Glaswoll, Scanatex, et j'en passe, esou dass ee sech d'Fro stelle muss, wat steet an dem ekologesche Leitfaden? Do hunn ech zwar net esou meng Zweifel, mä ech hunn awer meng Zweifel drun, wéi dat dann an der Praxis tatsächlech ëmgesat a respektéiert gëtt. Déi zwou Saache gi jiddefalls net zesummen an ech hoffen, dass de Rapport vun der Kommissioun priméiert an déi Saache wäerten ofgeännert ginn am Sënn vun der Benotzung vu baubiologesche Materialien.

**M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.**- Mir haten dat versprach kritt an der Kommissioun vun deene Responsable vun de Bâtiments publics, esou dass Är Fro iwwerflësseg ass.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Et ass ëmmer gutt, wann een d'Saachen nach eng Kéier am Plenum widderhëlt, da komme se nach besser eriwwe an d'Leit erënnere sech drun.

Ee Punkt, dee mir ganz positiv fannen, dat ass d'Gestaltung vun deem Park, dee jo soll öffentlech och ginn. Ech hu mir soe gelooss, dat wär och batter néideg zu Diddeleng, well niewendru gëtt et jo de Park Le'h, an anscheinend géif do an der leschter Zäit fläisseg ofgeholzt ginn.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Et ass deen duerchsichtegste Park vu ganz Lëtzebuerg.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Och do e bëssen Transparenz.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Deen heite Park kéint dann do e bësse kompenséieren. Ech hoffen awer, dass et trotzdeem nach aner Explikatiounen gëtt, déi Sënn maachen. Mir géifen et net gutt fannen, wann einfach esou do géif an deem Park Le'h ofgeholzt ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Wann Der d'Leit frot, déi am Asaz do sinn an déi e bësse méi dervu kenne wéi ech, da kritt Der ganz seriö Explikatiounen. Dat gëtt net gemaach, well dat Holz soll verfeiert ginn oder well do e Lunapark soll entstoen, mä well e ganze Koup vu Beem krank sinn an déi progressiv sollen ersat ginn. Wann Der de Fieschter frot, kritt Dir déi Explikatiounen ganz gären.

Den Här Garcia, deem ass dermat averstanen.

### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Ech géif Iech bieden, d'Riednerin an hirem Discours virufueren ze loossen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, nodeem ech dës verschidden Aspekter a Froen opgeworf hunn, wëilt ech nach e puer méi allgemeng Saachen zum Thema Altersarchitektur soen, well hei am Projet de loi och e ganzt Kapitel dra steet iwwert de Programme national pour personnes âgées.

Virdru si Remarque gemaach gi par rapport zum Matsproocherecht vun den eelere Leit, déi an deene Strukturen liewen. Dat fannen ech och ganz wichteg. Ech fannen, dass een anere Punkt och wichteg ass, an zwar dee vun der Architektur.

Wann ee vun altersgerechtem Wunne schwätzt, da stellt ee fest, dass mer zu Lëtzebuerg schonn e wäite Wee gemaach hu vun deene kllasseschen Altersheimer, déi mer fréier haten, zu de Centres intégrés vun haut, mä d'Fro muss awer gestallt ginn, ob een net nach méi wäit kéint goen. Ech denken zum Beispill u méi kleng Strukturen. Ech denken awer och un aner Forme vun Zesummeliewen. Am Ausland gëtt et Projete vun Alterswunnungsgemeinschaften oder vun Alterswunnegen och fir fleegebedürfteg Leit, déi integréiert sinn a solidisant normal Wunnresidenzen, wou och méi jonk Leit oder Famillje wunnen. Ech hunn dat Thema an der Kommissioun opgeworf, krut awer do gesot, déi Projete wäeren éischters ze kleng, fir dass de Stat se kéint finanzéieren, an dat wär éischter d'Aufgab vun de Gemengen.

Ech sinn awer trotzdem der Meenung, dass een och mat 50 Better zum Beispill nach e relativ groussen, um finanziellen Niveau gekuckt, Projet hätt, an dass de Stat sech trotzdem misst mat anere Konzepter befaassen, well wann ee sech déi aktuell Projeten ukuckt, déi mir ëmmer erëm hei virgeluegt kréien, da sinn dat ganz oft awer nach déi Systemer, wou ee laang Gäng huet mat Zëmmeren eent un dat anert gereit, wou een Zëmmer 30 m<sup>2</sup> huet a wou insgesamt an engem Haus 120 bis 150 Better zesummekommen. Ech mengen, dass dat awer nach net déi Qualitéit vun Zesummeliewe ka bréngen, déi ee sech géif fir déi eeler Leit wënschen.

Dat gesot, Här President, wëllt ech nach eng Kéier eisen Accord zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'alleréischter der Kommissioun vun den Travaux publics an hirem Rapporteur, dem Här Strotz, merci, dass hei esou gutt a séier Aarbecht geleescht ginn ass, fir dass mer mat dem Bau vun dëser Vergrësserung kënnen an déi konkret Phas erantrieden. Ech soen och der Kollegein, der Mme Jacobs, merci, dass si de Mëtteg heihinner komm ass, fir zu deene Froen, déi hir Politik betreffen, Stellung ze huelen. Ech wëll och op Detailfroen, déi vun den Debatteriedner gestallt gi sinn, agoen.

Ech wëll awer zu Ufank nach rappeléieren, dass dat hei ee vun deene groussen Projeten ass, déi mer zu Diddeleng investéieren, an dass, niewent dem CNA an dem Laboratoire, deemno Diddeleng als Gemeng un Investi-

tiounen vum Stat eng ganz Partie interessant Zouwendunge kritt huet. Mer wäerten och un déi Diddelenger Gemeng eruntrieden, fir se un hiert Verspreechen, wat de Bauschutt ugeet, ze erënneren, a mer da mat deene jeweilige Gebaier zügeg virukommen.

Ech denken, dass et eng gutt Zesummenaarbecht gëtt, trotz de munchmol apparente Kriticken, déi de Buergermeeschter à l'égard vun der Regierung huet, awer hei, mengen ech, ass keen Awand sengersäits ze maachen. Keng Regierung kënnt senger Gemeng nach méi entgéintkommen, wéi mer dat mat dësen dräi groussen Investitiounen maachen. Déi si fir d'Gemeng Diddeleng wichteg. Déi sinn och noutwendeg, well leschten Enns d'Altersheim iwwerhuelungsbedürfteg war, de CNA souwéiso seng Implantatioun do huet, a mer e flotte gemeinsame Projet mat der Gemeng kënnen maachen, wou och de Kulturzentrum berücksichtegt gëtt. A wat de Laboratoire ugeet, denken ech, dass mer och geschwënn do an déi konkret Planungsphas wäerten erakommen.

Zu deene Froen, déi d'Erstelle vum Projet uginn, huet den Här Bodry gefrot, firwat mer net den aktuelle Bauindex agesat hätten. Et gëtt mer gesot, dass de Projet, dee jo am November déposéiert ginn ass, dat heescht, e verléisst am Fong d'Verwaltung schonn e puer Woche viraus, dass dee Moment mer de Bauindex vum 1. Oktober 2001 net haten an et dofir schwierig gewiescht wär, dass de Statsrot en hätt kënnen nosetzen, mä souwéiso steet jo an all Projet de loi, dass ëmmer de Bauindex héichgerechent ka ginn, esou dass dat eigentlech bei der Käschteberechnung kee Problem gëtt, a wa mer den Devis iwwerschreiden, mer jo souwéiso ëmmer kënnen vun deem aktuelle Bauindex ausgoen.

D'Kommissioun hat hirersäits opgeworf, dass net genuch Parkplaze virgesi wieren. Mir hunn dat nokucke gelooss a mir kréie vum Paysagiste-architecte eng Proposition gemaach, fir nach 20 zousätzlech Parkplaze fir Visiteuren a Pensionnären ze aménagéieren niewent der Aire de livraison fir d'Kichen. Dat géif och an deem Devis kënnen mat erduerchgoen, esou dass mer am Fong op deem Punkt awer konnten der Kommissioun entgéintgoen an hiren Awänn Rechnung droen.

Ech sinn natierlech och der Meenung, dass de Präis vun zwielef Milliounen Lëtzebuerger Frang fir een Zëmmer e stolze Präis ass, an dass mer natierlech dann och domadden déi néideg Qualitéit baue wäerte kënnen. Trotz allem sinn och hei Grenze gesat, an do misst een och vläicht emol eng Kéier kucken, ob een déi Präiser net eenegermoossen un dat wat de Privatsektor baut an och duerfir bezuelt ugläiche kënnt. Wat déi ekologesch Awänn vun der Mme Wagener ugeet, do ass a mengen Ae souwéiso d'Gesetz vun de Marché-publice wat d'Primeur huet. An deem Gesetz kënnt jo eng Dispositioun drastoen, datt mer "l'offre économique-

ment la plus avantageuse" berücksichtegen, an datt do am Cahier des charges - dat hu mer extra festgehal an der Kommissioun - och ekologesch Critèrë kënnen a mussen agesat ginn, sou datt ech dovunner aus ginn, wann hei déi Ausschreiwungen no dem Marchés-publics-Gesetz, wat bis dohinner a Kraaft si wäert, oflafen, datt een da souwisou Ären Awänn, wat d'Baumaterial ugeet, Rechnung droe kann.

Et ass natierlech net gutt wann een ee Projet sou detailléiert oplëscht wéi deen heiten, well net iwwerall an all Projet kann ee liese wat fir eng Krunnen an d'Zëmmer kommen a wat fir eng Fënsteren, a wat fir ee Material dofir gebraucht gëtt. Do ass d'Perfektioun vläicht net dee beschte Ratgeber. Dat gesot, sinn ech natierlech awer och der Meenung, wa sech während der Bauphas iergendwellech nei Elementer kënnen erginn, wat d'Hëtzen ugeet, da soll een dat och nach eng Kéier nokucken, dat soll ee cas par cas préiwen. Heiansdo mécht d'Technologie an engem Zäitraum vun een, zwee Joer eng grouss Evolutioun, a wee weess, ob mer dann net och nach déi Wënsch erfëlle kënnen, fir domadder awer hei déi grouss Unanimitéit ze kréien, fir déi ech der Chamber merci soen.

**M. le Président.-** D'Mme Familljeminister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-** Här President, ech schwätze nom zweete Projet, well hei geet et jo méi ëm déi generell Politik vum drëtten Alter an all déi Froen. Duerfir waarden ech bis nom Projet vu Wolz, an dann äntweren ech.

**M. le Président.-** An der Rei. D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4868 a stëmmen doriwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes), Claude Wiseler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Theo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Jean-Pierre Klein), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart, Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4869 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Wolz. Et sinn ageschriwwen déi Här Wohlfart, Calmes a Colombero.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nico Loes.

#### 4. Projet de loi 4869 relatif à la construction d'un Centre intégré pour personnes âgées à Wiltz

**Rapport de la Commission des Travaux publics**

**M. Nico Loes (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzesprojet 4869, dee mir haut hei diskutéieren an zur Ofstëmmung virleien hunn, grad wéi de Projet 4868, dee mäi Kolleg, den honorablen Här Strotz, virdrun hei diskutéiert huet, bedäerf och enger gewësser Ausféierung am Kontext vun der Alterspolitik hei am Land. Wann ee mat deem quasi selwechte Projet nach eng Kéier hannendru kënnt, da leeft een e bësse Gefor, Rediten ze maachen, mä ech mengen dass bei all Projet, dee mer an deem dote Kontext maachen, et awer och wichteg ass, fir eng Kéier op déi Problematik vum drëtten Alter anzegoen.

Eis Bevëlkerung gëtt ëmmer méi al, wat duerch eng ganz Rëtsch vu Faktore bedingt ass. Zum engen huet de